

# Journée des langues

Travail en ateliers (19 avril 2019)

## Atelier 1

Analyse des problèmes langagiers dans les manuels au Programme / Favoriser la prise de conscience de ces difficultés chez les adolescents

Modération : Flore Schank, Aly Trausch

Présences : Simone Bley (ALLEM), Pol Hermes (CHIMI/SCINA), Anne Majerus (FRANC), Michèle Maret (FRANC), Carole Lemos (Professions de santé), Simone Lesch (psychologie), Alexander Krajnc (BIOLO), Sandy Rezende (FRANC)

Absence : Karin Dichmann (ALLEM)

## En bref :

- Ausgangspunkt : Wéi kann den Enseignant sproochlech Hürden an dem Schoulmaterial oder beim Schüler erkennen ? Wat huet de Virtrag vum Proffessor Leisen an där Hisiicht bruecht ?
- De bildungssproochlechen Niveau vun de Schüler ass dacks ze limitéiert par rapport zu den Exigence vum Programm.
- Wat sinn eis Optionen, wann de Niveau vun de Schüler net der Matière gerecht gëtt an d'Programmer sou iwwerfällt sinn, datt mir op hir sproochlech Defiziter net wierklech agoe kënnen ?
- Wat kann d'Konzept vun der didaktescher Reduktioun bewierken ?
- Muss ee fir bestëmmte Formatiounen net bildungssproochlech Mindeststandarde fuerderen ?
- Praktesch Hëllef : Fachbegreffer iwwersetzen an etymologesch verorten.

## Rapport

Den Atelier sollt em 2 zentral Froen dréinen :

1. Wourun erkennen ech, datt d'Schüler net onbdéngt vun der Matière selwer iwwerfuert sinn, mee vun der Sprooch, an där se presentéiert gëtt ?
2. Wéi detektéieren ech « sproochlech Stolpersteng » a « linguistesche Barrièren » an den Texter, mat deenen d'Schüler an de Schoul konfrontéiert ginn ?

Duerfir war eng kuerz PPP geplangt, an et sinn Texter aus franséischen an däitsche Schoulbicher kopéiert ginn (disciplines non linguistique), déi no enger kuerzer Introduktiounsphase op hire sproochlechen Ufuerderungsgehalt a kleng Gruppe sollten analyséiert ginn.

Au préalable gouf een Tour de table gemaach, bei deem sech d'Participanten virstellen an op dës Froen kuerz agoe sollten :

- Wat huet mech um Virtrag vum Professor Leisen besonnesch markéiert ?
- Konnt ech meng Erkenntnisser am Unterrecht ëmsetzen ?
- Wat fir eng Froen hunn ech, op déi ech (no dësem Atelier) eng Äntwert wëll hunn ?

Aus dem Tour de table huet sech sou eng animéiert a spannend Diskussioun entwéckelt, datt d'Moderateuren se net wollten duerch aner Aktivitéite courcircuitéieren. Anstatt op déi préparéiert Aktivitéiten zréckzegräife, hunn se probéiert, hir Ureegungen, Iddiën, awer och hiert Hannerfroen an déi lafend Diskussioun anzebauen.

Een éischten Diskussiounsschwéierpunkt huet sech aus der Feststellung erginn, datt alleguer d'Teilnehmer sech an der Conclusioun eens waren, datt ee groussen Deel vun hire Schüler – vu 7<sup>e</sup> bis rop an de BTS – vum sproochlechen Niveau iwwerfuert sinn, deen d'Programmer viraussetzen. Si géifen also net déi sproochlech Kompetenze matbréngen, déi ee bräicht fir ee bestëmmte Fach mat Succès ze léieren.

Op d'Fro, wéi een als Enseignant op déi Schwiregkeete reagéiere kann – well et mécht jo kee Sënn, iwwert hir Käpp wech e Cours ze halen, deen si net assimiléiere kënnen – ass op déi iwwerluede Programmer verweise ginn. Et géif strictement keng Zäit bleiwen, sproochlech Defiziter och nach opzeschaffen. Ausserdem géif virun allem op den héiche Klassen eng präzis Beherrschung vum Fachvokabular an d'adäquat Kommunizéieren an der Fachsprooch ëmmer méi wichteg ginn. Et kéint een de Schüler hei net doduerch entgéint kommen, andeems ee faul Kompromësser géif agoen, wat d'Sproochbeherrschung betrëfft. Et wier hinne keen Déngscht gelescht, wann si z.B. de Fachwortschatz net präzis gebrauchte kéinten. Si géifen dann iergendwann net méi virukommen. A verschiddene Beruffer, z.B. der Hiefamm, wier et ausserdem carrément geféierlech an irresponsabel, fachsproochlech Feeler an Noléissegkeeten ze toleréieren.

Wéi een den Däiwelskrees aus enger relativ schwach ausgeprägte bildungssproochlecher Kompetenz bei de Schüler, iwwerluedene Programmer an héiche sproochlechen Exigencen duerchbrieche kéint, war d'Achs ron drëm déi d'Diskussioun duerno gedréint huet.

Eng vun de Bedeelegten huet drop higewisen, datt d'Bicher um Programm heiansdo onnéideg sproochlech Hürde géifen opbauen, an deem Sënn, datt relativ einfach a liicht verständlech Sachverhalter am sproochleche Fachjargonbombast riskéieren ënnerzgoen. Am Cours kéint den Enseignant de Schüler nach iwwert sou Hürden duerch Paraphraséiere wechhëllefen, mee doheem sëtzen d'SDchüler dann alleng virun engem Cours, deen an enger fir si net verständlecher Sprooch verfaasst ass.

Dëst war den Ausgangspunkt, fir ee längeren Échange iwwert d'Noutwännegkeet vun der didaktescher Reduktioun ze féieren. Domat ass gemengt, datt ee komplex an abstrakt Sachverhalter inhaltlech a sproochlech sou weit vereinfache muss, datt se fir de Schüler zougänglech ginn, ouni datt een de Sachverhalt dobäi verfälscht. Et ass dorun uschléissend vun de Bedeelegten hannerfrot ginn, ob et gutt wier, de Schüler alles ëmmer ze vereinfachen. Schliisslech missten si jo awer iergendwann den ugestriewten Niveau u fachsproochlecher Kompetenz erreechen. An deem Kontext muss betount ginn, datt d'didaktesch Reduktion am schoulesche Kader ëmmer nëmmen ee Mëttel ass, mee keng Fin en soi. Et geet net drëm, datt d'Schüler op dem Niveau vun der Reduktioun bleiwen, mee dorëms, hinnen ee Wee an d'bildungs- a fachsproochlecht Kommunizéieren opzemaachen. D'didaktesch Reduktioun ass also eng elementar Viraussetzung, fir op ee méi héiche sproochleche Level ze kommen.

Doraus huet sech d'Fro entwéckelt, ob all Schüler dann eigentlech d'Potenzial an d'Grundvoraussetzung matbréngt, fir ee bestëmmte bildungssproochlechen Niveau iwwerhaupt erreechen ze kënnen. Misst een net d'Critères d'accès fir bestëmmte Formatiounen u bestëmmte (bildungs)sproochlech Standarde bannen, déi de Schüler erfëlle muss? Konkret: Soll een z.B. Hiefamm dierfe léieren, wann een am Fransésche kee Niveau B2 huet, respektiv net iwwert d'Potenzial an de Wëllen verfügt, fir dësen Niveau an enger akzeptabler Zäit z'erreechen?

Ofschléissend sinn nach eng Rei Virschléi gemaach ginn, wéi een de Schüler hëllef kann, sech mat dem Fachvokabular an deenen eenzelnen Disziplinen vertraut ze maachen. Eng vun de wichtegsten Hëllefën dierft de Réckgrëff op eng Sprooch sinn, déi si besser verstinn. Prägnant Beispiller aus dem Beräich vun der Biologie waren d'Luft- an d'Speiseröhre (trachée, oesophage) oder d'Zwerchfell (diaphragme). Och ethymologesch Erklärungen kënnen hëllefën, datt d'Schüler bestëmmt Fachbegrëffer besser verhalén a méi räich konnotéieren.

f.s./a.t.